LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

REÇU
Par Christine Wirtgen , 12:11, 25/03/2021

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 837x5c129

Luxembourg, le 25 MARS 2021

Concerne : Question parlementaire n° 3724 du 26 février 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant les contrats conclus avec des cabinets d'audit

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625
Adresse postale
L-2931 Luxembourg
ministere-finances@fi.etat.lu
www.mfin.gouvernement.lu

144.000003:20040525-FR

Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, a vum Wirtschaftsminister, Franz Fayot, op d'parlamentaresch Fro n°3724 vum 26. Februar 2021 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement zu den Kontrakter mat Wirtschaftspréifungsgesellschaften

Vun deene ronn 11.500 Audit- a Berodungs -Kontrakter, déi de Staat an de leschte 5 Joer mat am Ganze ronn 3.600 verschiddene Fournisseure vun all Gréisst ofgeschloss huet, sinn der just 264 un déi sougenannte Big Four gaangen.

All Ministère a Verwaltung huet entspriechend Budgetsartiklen (12.120.xxx "Frais d'experts et d'études" an 12.125.xxx "Frais d'experts et d'études en matière informatique") zur Verfügung, déi sie autonom geréieren.

De Choix vun der Entreprise gëtt diktéiert duerch de Besoin fir ob bestëmmte Kompetenze kënnen zréck ze gräifen, d'Erfarung déi néideg ass, an d'Envergure vum Optrag. Am Kader vun de Reegelen a Prozedure vum Gesetz vum 25. Juni 2009 iwwert d'Marchés publics, iwwerwaacht duerch Commission des soumission, bleift et *in fine* an der Appreciatioun vun dem jeeweilege Ministère oder Verwaltung un wien en Optrag geet.

De Finanzminister an de Wirtschaftsminister hunn dofir keng Vue d'ensemble vun der Dauer an de geneeë Modalitéite vun deene Kontrakter, a kënnen dofir och net fir jidder eenzele Kontrakt doriwwer renseignéieren, firwat déi eng an net eng aner Firma zréckbehale gouf oder hätt kënne ginn.